

## D'Sécherheet vun Ären Donnéeën

### ËMFRO IWWER GESCHÄFTS- A FRÄIZÄITREESEN

#### Informatiounen iwwert d'Sécherheet vu perséinlechen Donnéeën

Är perséinlech Donnéeë gi vum STATEC, 13 rue Érasme, L-1468 Luxembourg, E-mail: [tour@statec.etat.lu](mailto:tour@statec.etat.lu) veraarbecht. Gesammelt ginn d'Donnéeë fir de STATEC vum sengem „Sous-traitant“ T.I.P Biehl & Partner. De STATEC ass eng staatlech Administratioun déi ënnert der Opsiicht vum Ministère de l'Économie schafft an awer eng ekonomesch a berufflech Onofhängegkeet genéisst. Dëst bedeit, dass de STATEC säin Aarbechtsprogramm nom nationalen an europäeschen statistesche Gesetz festleet a seng Donnéeën neutral veraarbecht a verbreet.

D'Veraarbechtung vun den Donnéeë respektéiert de *Règlement Général de la Protection des Données* (EU) 2016/679 an ass eng noutwendeg Aarbecht déi am Interêt vun der Gesellschaft steet. Et handelt et sech hei ëm eng statistesch Aarbecht vum STATEC, wéi am Gesetz vum 10. Juli 2011 iwwert d'Organisatioun vum nationalen Institut fir Statistik- an Ekonomiesetüde festgehalde gouf. Är perséinlech Donnéeë gi spëtstens 2 Joer nodeems all Donnéeë gesammelt goufen, definitiv gelöscht.

Während dëser Zäit ginn Är Donnéeë streng vertraulech behandelt. Donnéeën, mat deenen de STATEC schafft, déngen ausschliisslech statisteschen Zwecker a ginn op kee Fall un Drëttpersoune weider. D'Mandatairen an d'Mataarbechter vum STATEC si streng un dës Prozedur gehalen a maachen sech perséinlech strafbar wann se dës net anhalen. De STATEC huet dozou Moosnamen ergraff fir d'Sécherheet vun Ären Donnéeën ze garantéieren: eng optimal informatesch Technologie an e limitéierten Accès op perséinlech Donnéeë fir d'STATEC-Mataarbechter.

#### D'Zil vun der Ëmfro

D'Zil vun der Ëmfro ass et, Informatiounen ze erfassen iwwert Reesgewunnechte vun de Lait, déi zu Lëtzebuerg wunnen. D'Froen an der Ëmfro bezéien sech op Geschäft- a Fräizäitreesen, mat oder ouni Iwwernuechtung, déi am leschten Trimester virun der Ëmfro ënnerholl goufen.

#### Obligatoresch Participatioun

Dem Gesetz vum 10. Juli 2011 no ass d'Participatioun un dëser Ëmfro obligatoresch. Keng Äntwert oder eng absichtlech falsch Äntwert kann zu finanzielle Sanktiounen féieren. Dës gesetzlech Bestëmmung erlaabt et dem STATEC op zouverlässeg a representativ Donnéeë vun de Bierger zeréckzegräifen a soumat d'Qualitéit vun den erstallte Statistiken ze garantéieren.

#### Am Fall vun enger Reklamatioun

Dir kënnt den Dateschutz-Responsabele vum STATEC kontaktéieren iwwert de Post Wee: DPO, STATEC, B.P. 304, L-2013 Luxembourg, iwwer Telefon um 247-88 492, oder per E-Mail: [dpo@statec.etat.lu](mailto:dpo@statec.etat.lu). Hie gëtt Iech gär an och Informatiounen iwwer Är Rechter no den Artikelen 15 bis 21 vun der europäescher Dateschutzgrondveruerdung (EU) Nr. 2016/679 a Bezuch op d'Asiicht, d'Verbesseren an d'Läsche vun Äre perséinlechen Daten souwéi d'Rechter op d'Limitéiere vun, oder d'Oppositioun zu der Veraarbechtung an och d'Recht op d'Portabilitéit vun dësen Donnéeën. Dir hutt och d'Méiglechkeet, eng Plainte bei der Nationaler Dateschutzkommissioun anzerechen per Post : CNPD 15, Boulevard du Jazz L-4370 Belvaux oder iwwer Telefon: 26 10 601.